



Fir der wirtschaftlecher Aktivitéit zu Lëtzebuerg no der sanitärer Kris vum Covid-19 en neien Opschwong ze ginn, huet d'Regierung ënnert der Initiativ „Neistart Lëtzebuerg“ eng Rei Ënnerstëtzungsmoosnamen agefouert. Heimat géife mir lech gären iwwert d'Detailer vun deene verschiddene Mesuren informéieren, déi an onsem Beräich leien!

Eng ëmweltfrëndlech an nohalteg Relance

Wat d'Aktivitéit vu myenergy betrëfft, goufe verschidde Primmen an de Beräicher energetesch Renovatioun, nohalteg Anlagentechnik, ausserdem fir Photovoltaikanlagen an elektresch Gefrierer annoncéiert.

All d'Informatiounen fannt Dir op cleverprimes.lu.

CLEVER WUNNEN – Primme fir energetesch Renovatioun an nohalteg Anlagentechnik



Tëschent dem 20. Abrëll 2020 an dem 31. Mäerz 2021 ginn d'Primme fir energetesch Renovatioun a fir Berodungen durch zougeloosse Beroder ëm 50% erhéicht. D'Primme fir nohalteg Anlagentechnik gouf ëm 25 % erhéicht. Privatpersounen kënnen ausserdeem vun engem zousätzleche Bonus fir den Austausch vun engem fossil-bedriwwenen Heizungskessel profitéieren.

Op cleverwunnen.lu a myenergy.lu fënnt een all déi nei Primmen, déi mir Top-up PRIME House nennen. Och d'myrenovation-App gëtt an der nächster Woch aktualiséiert.

D'Clever Wunnen-Campagne fänkt Enn Juni un. Eng Relance ass no der Summer-Vakanz programméiert.

CLEVER SOLAR – Primme fir d'Solarenergie-Produktioun



Am Kader vum Neistart Lëtzebuerg-Programm goufen och d'Aspeistariffer fir Photovoltaik vum Joer 2020 op den 31. Mäerz 2021 erweidert. Ausserdeem ginn d'Leeschungskategorië fir Photovoltaikanlagen tëscht 30 an 200 kW_p erweidert. Dës nei Kategorie went sech esouwuel u Privatleit déi grouss Flächen zur Verfügung hunn, ewéi och u Firmen déi am Allgemengen iwwer gréisser Diecher verfügen. Domat ass et elo méiglech, Anlage mat enger Leeschtung vun iwwer 30 kW_p opzestellen ouni eng Kooperativ grënnen ze mussen.

Déi nei Aspeistariffer kënnen och mam nächsten Update an der myrenovatioun-App gerechent ginn. Di entspreichend Kommunikatiouncampagne fänkt den 29. Juni un. Fir all Kategorië besteet eng Annonce: fir kleng Solaranlagen (30 Kw max.) fir Privatpersounen, fir Kooperativen, a fir déi nei Leeschtung vun 30 bis 200 kW. D'Illustratioune stinn op L oder F zur Verfügung (just eng pro Sprooch). Zéckt net lech ënner bei ons ze mellen! Am Kader vun der Campagne huet myenergy och e Concours op Facebook virgesinn: „Solarenergie am Fokus“.

CLEVER FUEREN – Primme fir Elektro-Gefierer



Fir d'Zieler am Kader vum nationalen Energie- a Klimaplang z'erreechen huet d'Regierung och d'Primme fir emissionsfräi an emissionsaarm Gefierer erhéicht! Déi nei Primme gëlle vum 11. Mee 2020 bis den 31. Mäerz 2021:

- 8.000 € fir en neien 100 % elektreschen Auto oder Camionnette
- Bis zu 1.000 € fir en neit 100% elektresch Gefier (licht-Kategorie)
- Bis zu 600 € fir e Vëlo (och Kannervëloen)
- D'Primme fir Plug-In-Hybrid-Gefierer bleiwen onverännert.

All d'Informatiounen fannt Dir op cleverfueren.lu, wou och eng Rei FAQ zur Verfügung stinn. E klengen Depliant kann och erofgeluede ginn.